N°4147
Entrée le 27.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.05.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 27. Mee 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den hät Premierminister an un den Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung weiderzeleeden.

A senger Erklärung zur Lag vun der Natioun 2025, hat de Premierminister zur Wunnengsproblematik gemengt: "Mir hu mei Schwong am Logement versprach. An dës Regierung liwwert!"

D'Regierung hätt déi akut Kris am Bausecteur gestoppt an e Revirement am Marché bewierkt. D'Transaktioune fir bestoend Wunnengen hätte sech verduebelt a bei neie Wunnenge souguer bal vervéierfacht. Och d'Zuel vun de Logementskreditter wär nees gewuess.

E Joer méi spéit huet den Här Premierminister a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun 2026 zu der Wunnengskris gemengt: "Ma de Marché [Wunnengsmaart] dréint fir de Moment net esou, wéi mir eis dat virstellen. D'Demande bleift héich, an d'Offer niddreg".

Dofir géinge mir dem Här Premierminister follgend Froe stellen:

- Wat huet dozou gefouert, datt dem Här Premierminister seng Analyse vum Wunnengsmaart sech bannent engem Joer esou fundamental geännert huet?
- Wéi hunn sech Transaktioune vu bestoenden a neie Wunnengen entwéckelt?
- Wéi huet sech d'Zuel vun de Logementskreditter entwéckelt?
- Wéi huet sech d'Zuel vun de Beschäftegen an de Betriber am Bausecteur entwéckelt?
- Wéi huet sech d'Zuel vun de Baugeneemegungen an deene lëschten dräi Joer entwéckelt?
- Wéi vill Wunnenge, déi ënnert d'Krittären vum abordabele Wunnengsbau falen, goufen an där selwechter Zäit gebaut a vu wiem?
- Wéi huet sech d'Unzuel vun de Leit, déi op der Sich no enger abordabeler Wunneng sinn, an deene lëschten dräi Joer entwéckelt?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu